la Sortie du Jambonneau

Den Samschden 10 November 2012 hun sech 16 Memberen vum Flyfishing Club aus Lëtzebuerg zu Hompré an der Belscht getraff fir zesummen een flotten Dag um Séi vun la Strange ze verbréngen. Den Mount November ass fir d´Memberen vum Fly Fishing Club aus Lëtzebuerg och ëmmer den kulinareschen Héichpunkt am Joër ewell op la Strange fueren mir net nëmmen fir ze fëschen, née dës Sortie steet ëmmer ganz am Zeechen vun " le Jambonneau ", énger gekachten Héis déi mat énger sauce bearnaise zervéiert gët, dodernieft gët et och nach Fritten an Zalot fir den leschten Wënkel ze fëllen. Mir haten eis also Moies Rendez – vous gin fir zesummen ze fëschen. Woren mir nach dat leschten Joër ganz verwonnert iwwert dat wonnerbar Hierschtwieder, sin mir dëst Joër awer net enttäuscht gin ewell et wor vum Wieder hir ewei ëmmer wann mir op dëser Plaz fëschen, dat wëll heeschen naass, kaal an niwweleg genée esou ewei sech dat gehéiert un éngem Novemberdag an schliesslech muss een sech esou een "Jambonneau" jo och fir d´éischt eemol verdingen. Esou koum et dass mir fir d´éischt eemol ee puer Stonnen eis Streamer an Nymphen gezappt hun mam Wëssen dass et op la Strange esouwisou net vill wert huet ze fëschen ewell d´Fësch hei ganz zéih sin an éngem nëmmen Misére maachen.

Ee puer Fësch sin dann awer gefaangen gin, och wann d´Kischten dësen Dag ganz héich hungen an et wor deen jéngsten Fëscher aus dem Haus Muno deen erëm deen décksten Fësch gefaangen huet. Et gët dach näischt eméi schéines ewei wann déi jonk Leit eis weisen dass Fléiss an Ausdauer um Ënn dach awer ëmmer belount gin.

Déi meeschten Fëscher awer hun gekloot an et huet een aus all Eck eraus Gegrommels héieren ewell et zu la Strange immens schwéier ass den Weë zum Fësch ze fannen. Déi Éng hun et mat Streamer an allen erdenklechen Farwen probéiert eweoubäi déi Anner op Nymphen gebaut hun an verschidden Fëscher woren esou verzweifelt dass Sie et zeguer bei deem s.....schlechten Wieder mat drechen Mécken probéiert hun wat natirlech mat sech bruecht huet dass d´Fësch eis éng laang Nues gemeet hun, wann iwwerhaapt Fësch do woren ewell zeguer Kongkursfëscher an eisen Reihen ewei den Gilson Mich hun keen Mëttel fond fir d´Fësch ze iwwerlëschten.

Mée ewei schnell wor dach alles erëm vergiess ewei et geheescht huet," Jongen sollen mir net eemol op den Apperitif goën". All Misére wor séier vergiess an et huet een iwwerall erëm laachend Gesiichter gesin an zeguer do ewou nach Minuten virdrun nëmmen geflemst gin wor ass a bee mol erëm vum Fëschen an deenen villen schéinen Fësch déi een heibäi fänken kann geschwat gin an spéidstens ewei dun den Jambonneau opgedëscht gin ass hun mir erëm Fridden mat dëser Welt geschloss. Mir hun eis den Jambonneau gudd schmaachen geloos an et sollt och Keen duuschterëg vum Dësch goën, mëttlerweil wor d´Wieder awer vollends ëmgeschloën esou dass mir éng Sonderschicht Fëscherlatäin angeluecht hun. Déi neisten an och déi aal bewährten Fëscherkniet sin duurchgehol gin an esou munech Geschicht déi een villäicht schon déi éng oder anner Kéier héieren hat ass och erëm zum Virschäin komm. Mir hun eis dofir vill Zäit geloos an schliesslech sin nëmmen nach déi besséisten Fëscher ungetrueden fir et nach éng Kéier mam schlechten Wieder opzehuelen. Déi Meeschten awer hun sech gudd gesiedegt an déck zeffriden op den Heemweë gemeet.

Ewei een gesäit huet all Sortie vum Flyfishing Club aus Lëtzebuerg säin Charme, och wann d'Fësch net all Kéiers um Rendez – vous sin, sin mir dach ëmmer bestriewt den Dag an vollen Ziich ze genéissen ewell schliesslech verbënnt eis jo d'Komerodschaft an den d'Freed un der Saach. Esou frëen mir eis elo och schon op eis leschten Sortie dëst Joër déi eis nach éng Kéier op Sommedieue féiert ewou mir dann d'Joër ausklengen loossen, net ouni eis bewosst ze sin ewei schnell och dëst Fëscherjoër erëm vergaangen ass.